# Jo, Neen, merci

**Merci Referendum, wahrscheinlech bleiws du deen eenzegen a mengem Liewen. Eise Politiker an Historiker no si mär nach net räif genuch fir e Referendum.**

Merci all deenen Aarbechtskollegen, Noperen, Bistrotsbekanntschaften an all aner, fir déi hetzeg Debatten, déi mer gefouert hunn. Ech wënsche mär där Debatte méi an Zukunft.

Merci menger Adoptiv-Stad Esch, einfach wells du Neen gesot hues.

Merci all deene Gemengen aus dem Süden, déi och Neen gesot hunn, och deenen, déi nëmme ganz knapp jo gesot hunn. Vill Leit aus dem ganze Land hätten sech e Sonndeg gefreet, am rouden Deel vun der RTL-Kaart ze wunnen.

Merci dem „Comité pour le non". Där huet mat ganz wéinege finanzielle Mëttelen et fäerdeg bruecht, eng formidabel Debatte fir den „Nee" ze lancéieren an ze féieren.

D'Resultat léisst sech méi ewéi weisen. Wie wees, wann et nach zwou Woche méi laang gedauert hätt, dann ...

Merci all deene Parteien, Assoziatiounen, Lieserbréifschreiwer asw., déi den Nee ënnerstëtzt hunn.

Merci, menger Gewerkschaft dem Landesverband (FNCT-TFEL). Vun alle Gewerkschaften hei am Land has du déi eenzeg richteg Positioun. Du hues net zum Neen an net zum Jo opgeruff, wells du dir bewosst waarst, dass deng Membere verschidde Meenungen haten.

Du hues awer eis Gewerkschaftszeitung d'Signal fir déi zwou Meenungen opgemaach. Eng schéi Lektioun vun Demokratie.

Merci, all deene Gringen a Sozialisten, déi ënnert engem wahrscheinlech enormen Drock vun hirer Parteispëtzt, sech kee Maulkuerf opsetze gelooss hunn an den Neen an der Öffentlechkeet verteidegt hunn. Leider war där net zu genuch.

Merci Frankräich an Holland, ouni Iech wär et ni esou wäit komm.

Merci awer och dem Konvent an dem Valéry Giscard d'Estaing, déi an där „donkelster Donkelkummer" dës schlecht „Verfassung" ausgeschafft hunn. Ville Leit ass et elo eréischt bewosst ginn, wéi ondemokratesch d'EU-Institutioune fonktionnéieren a wéi wéineg zousätzlech Demokratie dës Verfassung dem Europa-Parlament iwwerhaapt zougesteet.

Merci eisem Parlament, deen drop gehalen huet, dëse Referendum ofzehalen. Heemlech wärten DP, Gring an ADR, alt gehofft hunn den Nee géif als Gewënner aus dëse Walen erausgoen an den JCJ wir domat zur Démissioun gezwongen. Et sollt leider net sinn (den Neen, net dem JCJ seng Demissiuon, déi deene meeschte Neesoer wahrscheinlech zimmlech egal war), an esou mussen e puer där gringer a bloer sech alt nach e puer Joer gedëllegen.

Merci eisen Députéierten. Där huet an der éischter Liesung alleguer fir d'Verfassung gestëmmt oder Sallflucht begaang. Ween représentéiert dann elo an Zukunft déi sellegen Neesoer. Den 12. Juli huet dann och elo den ADR an der Chamber gesot, si géifen de Wielerwëlle respektéieren an bei der 2. Liesung am Oktober mat Jo stëmmen. Awer bis dohiner ass et nach laang a mär wäerten och hier x-te Meenungsännerung „respektéieren".

Merci den Députéierte Wolter, Goebbels, Grethen, Fayot an, an ... Duurch déi Häre wësse mär elo, datt mär 44% Lénksextremer, Rietsextremer, Kommunisten, Trotzkisten, Europagéigner an Ignoranten hei an eisem schéine Lëtzebuerg wunnen hunn. D'Wuert Terroristen ass awer mengen ech net gebraucht ginn am Zesummenhang mam Referendum.

Merci dem Jean Asselborn an dem Maître Gaston Vogel. Hieren Tele-Debat wäert an Geschicht agoen.


Merci deene Gringen. Hire „kämpferesche Jo" huet sech méi an den haasserfëllte Grimassen a Bemierkunge vis-à-vis vun den Neevertrieder ewéi an hiren Aussoen gewisen. Et konnt ee keen Ennerscheed zum Jo vun deenen aneren Parteien ausmaachen.

Merci all deene jonke Josoer-Organisatiounen. Är Stellungnahmen, déi sech net vun deene vun äre Pappen a Mammen-Organisatiounen ënnerscheed hunn, si gutt bei deene Jonken ukomm. 60% vun alle Jonken ënner 30 Joer hunn Nee gewielt.

Merci all deene groussen a klenge Gewerkschaften, déi zum Jo opgeruff hunn. Där hutt déi wéineg gutt Artikelen aus der Verfassung benotzt, fir äre Memberen an den Réck ze falen a probéiert hinnen eng schlecht, ondemokratesch a militaristesch Verfassung opzeschwindelen. Gutt, datt e groussen Deel net dorops eragefall ass.

Merci, datt dës Verfassung esou ni wäert erschengen.

**John Rossi**




Auch eine Woche nach dem Referendum bewegen Europa und der Verfassungsvertrag unsere Leser